N°665
Entrée le 07.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 665 vum 26. Abrëll 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen an Här Sven Clement.**

*1. Goufen déi zousätzlech Dokteren, bei denen deemols ee Mangel festgestallt gi war, antëscht agestallt? Wat ass bis elo beim Ausbau vu sonstegem medezinesche Personal geschitt? Respektiv wat ass den aktuelle Stand an wat ass nach an der Ëmsetzung oder an der Planung?*

Wéi an der QP 7923 vum 24. Abrëll 2023 beschriwwen, sinn am Beräich Oncopediatrie zwee Pediatren am CHL agestallt an et gëtt aktuell kee weidere Besoin. D'Organisatioun vum Behandlungsparours pro Pathologie ass adaptéiert ginn an d'Pflegepersonal ass deementspriechend ugepasst ginn.

Et kënnen awer zu Lëtzebuerg net all Pathologie vun Kriibse bei de Kanner à charge geholl ginn well déi néideg 'masse critique' vu Fäll net ëmmer besteet. Dëst gouf och an der Analyse d'activité am Kader vum Audit vun den Experten bestätegt.

*2. Wat ass bis elo am Ausbau vun der Unzuel vun de Better geschitt respektiv wat ass Stand aktuell nach an der Ëmsetzung oder an der Planung?*

Den Ausbau vum Service national d'onco-hémathologie pédiatrique (SNOHP) ass fir Enn 2026 geplangt mat der Kreatioun vu 4 neien Dagesbetter, souwéi och 4 neien Akutbetter am Kader vun engem Erweiderungsprojet vun der Kannerklinik.

*3. Ka mëttlerweil och eng Bestralung hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn oder mussen sech d'Kanner a d'Jugendlecher an hir Elteren dofir nach ëmmer an d'Ausland deplacéieren?*

Eng kurativ pediatresch Bestralung gëtt am Moment zu Lëtzebuerg net duerchgefouert fir Patienten ënnert 16 Joer well spezifesch Kompetenzen néideg sinn a well ze wéineg pediatresch Patienten zu Lëtzebuerg eng Bestralung brauchen.

Eng palliativ pediatresch Stralentherapie ass fir d'Zukunft ugeduecht.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*4. An der Sëtzung huet d'Ministesch gesot, dass extern Auditte mat dem Institut Gustave Roussy vu Paräis an dem Institut Jules Bordet vu Bréissel ugefrot gi sinn. Goufen dës zwee Auditte scho gemaach? Wa jo, wat ass d'Resultat vun dësen Auditten? Wa nee, wéini sollen dës gemaach ginn?*

Den Expert vum Institut Gustave Roussy (Paräis, Frankräich) begleet vun engem Member vum Plan cancer huet een Audit am Dezember 2022 duerchgefouert. Den Auditbericht gouf den Interesséierten am Juni 2023 presentéiert. Den Expert ënnerstëtzt de Service momentan weider a senger Entwécklung.

Een Haaptaspekt dobäi ass d'Aarbechtsstrukturéierung vum Service an d'Zesummenaarbecht mat Zentren am Ausland ewéi och mat verschiddene nationale Partner.

Verschidden Aktioune sinn zënterhier amgaang:
- Intern an extern Aarbechtsgruppen tëschent den Haaptacteuren
- Ausschaffe vu Conventioune mat Zentren aus dem Ausland
- Ënnerstëtzung vum auslänneschen Expert mat reegelméissege Reuniounen

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez